Groupe parlementaire

Depot: Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2023

# Resolutioun

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- d'Gestioun vun der COVID-Kris zu Lëtzebuerg vill Froen opwerft, z.B. am Hibléck op de Respekt vun de Grondrechter, dem Zoustand vum Gesondheets-Secteur, der Resilienz vum Land am Krisefall, den ekonomesche Konsequenze vun der Kris a vill anerer méi;
- d'Regierung bis elo just eng Evaluatioun duerch d'OECD maache gelooss huet;

ass der Meenung, datt

- eng wierklech onofhängeg Evaluatioun sollt gemaach ginn, an där national an auslännesch Experte vertruede sinn, wéi och Vertrieder vu verschiddene medezinesche Fachrichtungen, Vertrieder aus der Ekonomie an aus der Zivilgesellschaft, inklusiv den Impfskeptiker, fir eng méiglechst komplett an objektiv Evaluatioun ze erméiglechen;

decidéiert,

- de Büro ze beoptragen, eng vollkommen onofhängeg Ënnersichungskommissioun iwwer d'Gestioun vun der COVID-Kris vun der Regierung ze schafen an der Chamber bis de 15. September 2023 e Rapport virzeleeën.
- dofir ze suergen, datt déi Kommissioun en ongehënnerten Zougank op all Sourcen an Dokumenter kritt (mat Ausnam natierlech vum secret médical).

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**